

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 28. Mee 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Héichschoulminister weiderzeleeden.

Am Kader vun der Covid-19-Pandemie fonctionéiert och eis Universitét den Ament net wéi gewinnt. Doduerch, datt z.B. Couren ausfalen oder just online ugebuede ginn, hält och d'Qualitéit vun der Ausbildung fir d'Studenten of. Et wär an deem Kontext sënnvoll ze wëssen – grad och am Hibleck op déi neist Corona-Zuelen, déi jo awer Grond fir e virsiichtegen Optimismus ginn – wéini och d'Universitét Lëtzebuerg erëm ënnert normalen Ëmstänn fonctionéiere kann.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Vue datt d'Covid-Neiinfektione réckleefeg sinn, wier et an den Ae vum Här Minister net ubruecht, sech nees vun de provisoeresche Unterrechtmethoden ze distanzéieren, esou datt d'Universitét Lëtzebuerg erëm kann ënnert de gewinnte Konditioune fonctionéieren?
2. Wa jo, huet d'Regierung schonn Informatiounen virleien, respektiv, eng Decisioun getraff, wéini d'Universitét Lëtzebuerg erëm ënnert de gewinnten Ëmstänn fonctionéiere kann? Wéi gesäit dës Strategie konkret aus?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten